| Spiller fir Wëllefcher |
| --- |
| Thema: Naturerfahrungspiller |
| proposéiert vun der Wëllefcherseкipp |

# Naturerfahrungsspiller an der Wëllefchersmethod

## THEORIE

An der Wëllefchersmethod a besonnesch an der Darzee- Piste fannen mir Schrëtt zu deenen een flott Spiller an, mat a ronderëm d'Natur maachen kann. Et ass wichteg de Wëllefcher d'Gefill an domat och de Respekt virun der Natur méi no ze bréngen.

Et geet ëm Sensibiliséierung a konzentréiert Wahrnehmung. Duerch Naturerfahrungsspiller sollen d' Wëllef d'Gefill an d'Begeeschterung fir d'Natur kréien.

Alles wat lieweg ass faszinéiert. Egal ob e Kand e Reenwuerm kuckt oder eng Kaz heemelt, si léieren hier Ëmwelt kennen. Se spieren dass de Pelz vun enger Kaatz sech mëll ufillt an e Reewuerm glëtscheg. No a no, am Spill léieren si Zesummenhäng kennen a Vergläicher maachen. Hier Sënner gi gefördert an kënnen sech entfalen. Kucken, héieren, richen, spieren all dës Sënner benotzen d'Wëllef an der Natur.

Naturerfahrungsspiller kann e gutt an enger Versammlung oder engem Komet ënnerbréngen. Fir d'Gelengen vun de Spiller ass eng roueg Atmosphär a keen Zäitdrock wichteg.

<u>Beispieler vu Schrëtt aus der Method, déi sech gudd fir Naturerfahrungsspiller eegnen</u>

### DARZEE

<u>Ech kennen de Kreesslaf vum Waasser</u> – Experimenter mat Waasser (Waasser kachen, et gëtt Donst a kondenséiert op engem Deckel……..)

<u>Ech kann enger Spur nogoen</u> – Spuren am Bësch leeën oder vläicht richteger fannen, Gipsofdréck maachen a bestëmmen vun wéi engem Déier d'Spur ass

<u>Ech setzen eng Planz a versuergen se</u> – e Gaart uleeën, eng kleng Zär am Versammlungsraum, e Blummendëppen ……….

BAGHEERA

Ech kennen e puer gëfteg Planzen – Fotoen oder Zeechnungen weisen an d'Wëllef sollen se ënnerdeelen an gëfteg a nëtgëfteg Planzen

BALOO

Ech kennen verschidden Planzen aus Feld a Bësch – Planzenmemory (Spill 5)

MOWGLI

Ech fidderen d'Vullen am Wanter – Kärenbullen oder Vullenhaisercher bastelen an ophänken

# SPILLER

## 1.Geräischkaart :

All Kand kritt e Blat Pabeier an e Bic oder Bläistëft. Domat sichen sie sech an engem ofgegrenzten Feld eng Plaz wou hinnen gefält, setzen sech dohin, maachen d'Aen zou a lauschteren wat si héieren. Op hirem Pabeier markéieren si d'Platz wou si setzen an dann no a no, alles wat si ronderëm héieren. E Fliger, Autoen, Villercher, de Wand a.s.w.

Material : Bicen oder Bläistëfter - Blieder

## 2.Mat den Hänn kucken:

D'Wëllef ginn zu 2 an 2 beieneen. Et kritt een vun der Koppel d'Aen mat sengem Foulard verbonnen. Dësen gëtt vun deem aner bei e Bam gefouert. E soll elo dëse Bam oftaaschten a fillen wat exrta drun ass. As de Stamm riicht, d'Rënd glat, huet e Kniet……. Nodeems d'Kand sech Detailer verhalen huet get en zeréck gefouert a kann säin Foulard ausdoen. Elo soll hien versichen säin Bam zeréck ze fannen. Duerno gëtt gewiesselt.

Material : Foulard

## 3.Een Ofdrock vun der Bamrënd maachen:

All Wëllefchen kritt e Blat an e Bläistëft. E soll sech e Bam eraus sichen, d'Blat drop leeën an et « offuschen ». Sou dass hien d'Muster vun der Bamrënd op säin Blat kritt.

Material : Bläistëfter - Blieder

## 4.Spigelspill:

All Kand kritt e  klenge Spigel Deen hält et mat der Spigelsäit just ënnert seng An. Sou geet Kand dann an de Bësch. Hei krit een d'Gefill wéi wann een géif am Himmel oder an den Bamkroune goen. Opgepasst: Et vergësst een schnell dat Féiss nach ëmmer op der Äerd sinn. Duerfir ass et wichteg en einfachen Wee ze goen wou net ze vill Wuerzelen sinn. Dat ganzt kann een och ëmgedréint maachen, andeems een den Spigel iwwert seng An, mat der Spigelsäit no ënnen hält.

Material : Spigelen

## 5.Memory:

D'Wëllef ginn an 2 Gruppen gedeelt. All Grupp kritt e Memoryspill. An dësem Spill solle Koppelen fonnt ginn déi beieneen passen. Zum Beispiel : e Bam mat daer passender Fruucht oder eng Spur mat deem Déier wat dozou gehéiert……

Material : Memory Spill

## 6.Richkimm:

D'Wëllef kréien Filmdëppercher mat verschidden Kraider – Planzen – Friichten dran, ze richen a sollen eraus fannen wat fir e Geroch dass dat ass.

Material : 10 Filmdëppercher – Watt – Lavendeluelleg – Rousenuelleg – Dännennoolen – Hee – Zitroun – Basilikum – Ingwer – Menthe – Zimt - Vanille